

**Zesummen an eiser Region
Ensemble dans notre région**



LEADER
Lëtzebuerg West

Regionalmagasinn - Magazine régional n°21





Inhaltsver- zeechmenes

Table des matières



facebook.com/leaderletzebuergwest.lu

Editorial	2-3
Blind Date fir e gudden Zweck Blind date pour une bonne cause	4-7
Eng Well vu Liewensfread Un flot d'enfants dans un havre de paix	8-11
De Gaart vun de Begéinungen Le jardin des rencontres	12-15
«Zesummen» Graffiti, eng Konscht fir jiddereen «Ensemble» L'art du graffiti à l'usage de tous	16-19
Praktesch Infoen – Sozialberäich Infos pratiques – domaine social	20-21
LEADER Projeten Projets LEADER	22-25
Dëst an dat En bref	26
Quiz Concours	27
Agenda	28

Impressum

Editeur:

LAG Lëtzebuerg West
1, rue de l'Eglise
L-7481 Tuntange
T : +352 26 61 06 80
E : lw@leader.lu
W : www.letzebuergwest.lu

Redaktioun:

Marc Angel-Romera, Sarah Mathieu,
Nathalie Simon-Stammet, Max Zacharias,
Michèle Risch

Fotoen:

Mierscher Kulturhaus, Rasha Sawas, Marc
Angel, Maison Relais Tënten, Multiple
Sclérose Lëtzebuerg, CIGL Steinfort,
Ligue HMC, Jugendhaus Mamer/Garnich,
d'Georges Kayser Altertumsfuerscher, Sarah
Mathieu, Nathalie Simon, Gemeng Mamer,
Landakademie, Les Auberges de Jeunesse
Luxembourgeoises a.s.b.l., Fondation
Lëtzeburger Blandvereenegung, ORT
Centre/Ouest, Laurent Jacquemart, Mir
wëllen iech ons Heemecht weisen asbl.

Layout:

Rose de Claire, design.

Drock:

Imprimerie Centrale

Oplo:

14.700 Stéck

Datum:

8. November 2019

Solidaritéit bedeit, d'Exklusioon net zouzeloossen (Victor Hugo)



D'Kultur huet sech nach ëmmer mam Mënsch befaasst. Si ass ee wonnerbart Instrument, fir d'Welt ze hannerfroen an ze iwwerdenken. Wa mir Inclusioun esou verstinn, dass eppes an ee Ganzt agefouert an opgeholl gëtt, dann ass de kulturelle Raum dofir wéi geschafent*: dat sinn nämlech oppe Raim, Plazen, wou ee sech begéint, wou ee wëllkomm ass an een deen aner respektéiert. Inclusioun duerch Kultur, dat ass eng Philosophie, där sech d'Mierscher Kulturhaus scho laang verschriwwen huet.

Fir d'éischt duerch den Danz an de **Projet blanContact**, dee professionell Kënschtler an Amateurdänzer mat oder ouni Behënnerung zesummebréngt. Dëse Projet, a Koproduktioun mat der Fondatioun Kräizbiere an dem Groussen Theater vun der Stad Lëtzebuerg realiséiert, besteet zënter méi wéi zéng Joer a kann op net manner wéi fënnf Bühnekreatiounen zeréckkucken. Säit 2011 huelen och Dänzer vum Kollektiv DADOFONIC vun der Ligue HMC dorun deel.

A wa mer Kultur als eng «Beräicherung vum Geescht»* definéieren, da muss se och jidderengem zougänglech sinn.

Mam **Projet BABEL**, deen 2017 an d'Liewe geruff gouf an dee vun Solidarität mit Hörgeschädigten asbl matgedroe gëtt, proposéiert d'Mierscher Kulturhaus eng Serie vu Manifestatiounen fir Kanner an Erwuessener, déi sech och u Leit, déi schlecht héieren riichten an an Zeechesprooch iwwersat ginn.

Inclusioun ass eng Erausforderung, där mer eis all stelle sollen, als Kulturschafender grad esou wéi als Bierger a Mënschen, déi mer all sinn.

*Larousse

Peggy Kind
Direktiounsassistentin,
Projetsmanager
vum Mierscher Kulturhaus

Le propre de la solidarité, c'est de ne point admettre d'exclusion (Victor Hugo)

Depuis tous les temps, la culture s'intéresse à l'être humain. C'est un outil fabuleux pour questionner le monde et pour le (re)penser autrement. Si nous entendons l'inclusion comme le fait «d'inclure quelque chose dans un tout, dans un ensemble*», l'espace culturel se prête magnifiquement bien à cet effet: il s'agit d'espaces ouverts, de lieux de rencontres imprégnés de bienveillance et de respect.

Inclure grâce à la culture est une philosophie partagée par le Mierscher Kulturhaus depuis fort longtemps.

D'abord, par la danse et le **projet blanContact** qui regroupe des artistes professionnels et des danseurs amateurs avec et sans handicap physique. Réalisé en coproduction avec la Fondation Kräizbiert et le Grand Théâtre de la Ville de Luxembourg, il existe depuis plus de dix ans et n'a pas moins de cinq créations scéniques à son compte. Depuis 2011, des danseurs du collectif DADOFONIC, atelier protégé de la Ligue HMC, font également partie du projet.

Ensuite, si la culture peut être définie comme un «enrichissement de l'esprit*», ce dernier doit être accessible à tous et chacun.

Avec le **projet BABEL** initié en 2017 et réalisé en partenariat avec Solidarität mit Hörgeschädigten asbl, le Mierscher Kulturhaus propose un ensemble de manifestations pour enfants et adultes accessibles aux malentendants et traduits en langue des signes.

L'inclusion est un défi à relever par nous tous, par les décideurs et acteurs culturels et par les citoyens et êtres humains que nous sommes tous.

*Larousse

Peggy Kind

Assistante à la direction,
chargée de projet
du Mierscher Kulturhaus



Mierscher Kulturhaus

R.E.F.L.E.X.E.S (blanContact)

Création de danse avec des artistes professionnels et des danseurs amateurs avec et sans handicap physique

Une production du Mierscher Kulturhaus et de la Fondation Kräizbiert, en coproduction avec les Théâtres de la Ville de Luxembourg.

Partenaire: Centre de Création Chorégraphique Luxembourgeois TROIS-C-L.

Au Mierscher Kulturhaus:
Jeudi 23.04.20, 20h00
Samedi 25.04.20, 20h00
Dimanche 26.04.20, 17h00

Au Grand Théâtre:
Mardi 12.05.20, 20h00

D'Mina an déi vergiesse Melodie

Musikalesch Opféierung fir den 250. Gebuertsdag vum Ludwig van Beethoven
Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch Gebäerdesprooch
Schoulvirstellungen fir Kanner ab 3 Joer

Ëffentlech Virstellungen
Sonnden 14.06.20, 16h00
Dënschden 16.06.20, 16h00

Schoulvirstellungen
Dënschden 16.06.20, 10h00
Mëttwoch 17.06.20, 10h00 + 14h30
Donneschden 18.06.20, 10h00

Weider Informatiounen / Informations supplémentaires:
www.kulturhaus.lu / E: info@kulturhaus.lu



Blind date fir ee gudden Zweck

«Konscht ass meng Aart a Weis, mech géint d'Indifferenz vun de Mënschen ze wieren an eng nei Siicht op d'Welt ze proposéieren», erkläert d'Rasha Sawas op hirem Internetsite. Zënter fënnef Joer leeft d'Kënschtlerin mat syreschen Originnen zu Lëtzebuerg. Ass dat mat der Indifferenz vläicht eng Kritik un eiser Gesellschaft? D'Rasha weist dat vu sech. Et ass eng allgemeng Beobachtung, déi näischt mat de Lëtzebuenger am Speziellen ze dinn huet.

Effektiv soll et bei eisem Gespréich am Büro vum LEADER Lëtzebuerg West – un deem och nach d'Nathalie, Benevole bei der Asbl «Mir wëllen iech ons Heemecht weisen» an de Serge, Matbegrenner vun där Organisatioun, deelhuelen – net ëm Indifferenz goen. Villméi ëm Differenz! Ëm d'Differenz vun de Kulturen an de Räichtum vun enger multikultureller Gesellschaft, deen doraus entsteet. An ëm den Accueil vun deene Leit, déi gezwongenermoossen dozou bäidroen, andeems si bei eis landen, mat am Gepäck Sitten a Bräich, Iddien a Kenntnisser, déi fir eis onbekannt an nei sinn.

Sou wéi d'Rasha. Ier si hei ukoum ass a sech zu Miersch néiergelooss huet, huet si mat hirem Mann an hire Kanner am Oman gelieft. Wéinst der Onsécherheet, der Ennerdréckung an där stänneger Menace vu Krich an Terror, déi zur Zäit an den arabesche Länner herrschen, huet d'Famill beschloss auszuzwandern.

Blind date pour une bonne cause

«L'art, c'est ma façon de me battre contre l'indifférence humaine et d'offrir une nouvelle vue sur le monde,» revendique Rasha Sawas sur son site internet. D'origine syrienne, cela fait cinq ans que l'artiste habite au Luxembourg. L'indifférence humaine, serait-ce une critique à l'adresse de la société indigène? Rasha s'en défend. Il s'agit d'une observation générale qui n'a rien à voir avec les Luxembourgeois en particulier.

En effet, le sujet de notre rencontre dans les locaux du bureau LEADER Lëtzebuerg West – à laquelle participent également Nathalie, bénévole auprès de l'asbl «Mir wëllen iech ons Heemecht weisen» (Nous voulons vous montrer notre patrie) et Serge, co-fondateur de ladite organisation – ne devrait pas être l'indifférence. La différence, si! La différence des cultures et la richesse d'une société multiculturelle qui en résulte. Et l'accueil de personnes qui, par la force des choses, y contribuent en débarquant chez nous, avec dans leurs bagages, des us et coutumes, des idées, des savoirs différents et nouveaux pour nous.

Comme Rasha. Avant d'arriver au Luxembourg pour s'établir à Mersch, elle a vécu avec son mari et ses enfants en Oman. L'insécurité, l'oppression, les menaces permanentes de guerre et de terrorisme qui sévissent dans les pays arabes ont poussé la famille à l'émigration.



Als Innenarchitektin, Moudendesignerin a bildend Kënschtlerin hat d'Rasha keng Schwieregkeeten, hir Plaz an der Kulturzeen ze fannen. Hir séier Integratioun huet si och der landbekannter Molerin Patricia Lippert ze verdanken.

Déi villsäiteg Artistin huet, wéi gesot, méi wéi een Eisen am Feier. Hiert Spezialgebitt ass allerding de *Body-Painting*. Et ass eigentlech verwonnerlech, dass dës Disziplin, bei där ephemer Bildkreatiounen op de mënschleche Kierper opgedroe ginn, zu Lëtzebuerg wéineg praktizéiert gëtt.

Mir hu misste feststellen, bemierkt de Fadi Al Abras, Mann vun der Kënschtlerin, dee si an hiren Aktivitéiten zur Säit steet, dass dat Molen op déi plakeg Haut bei verschidde Leit eng rout Linn iwwerschrëtt. Dat ass awer guer net de Sënn vun der Saach, ganz am Géigendeel!

Et soll een Hommage un d'Schëinheet vum mënschleche Kierper sinn. D'Rasha huet och u Festivaller zu Paräis a Wien deelgeholl. Niewebäi bemierkt gouf si do fir d'éischt als syresch Kënschtlerin ugesinn, spéider als Vertrieederin vu Lëtzebuerg.

Zu gudder Lescht weist si eis d'Titelsäit vun engem Buch, dat si illustréiert huet. Et handelt sech ëm de Roman «De Fuuss an de roude Léiw» vum Schrëftsteller Thierry Hirsch, dee viru kuerzem bei Editions Saint-Paul erauskomm ass. Wann dann nach ee Beweis fir der Rasha hir gelongen Integratioun néideg wär, hei ass en!

Mir gefällt et, dass sech hei souvill Kulture begéinen, stellt si fest. Ech fille mech wierklech acceptéiert!

Ech net! äntwert de Serge. 't ass wouer, mengt hien, wéi déi aner an der Ronn verwonnert kucken. Ech sinn net deen typesche Lëtzebuurger, fir deen d'Leit mech halen! behaupt deen, dee grad mol virun enger Woch dee grouss Sall vun der Philharmonie un d'Brodele bruecht huet mat senge Liiblingslieder – a lëtzebuergescher Versioun virgedroen, versteet sech.

Hie brauch net méi virgestallt ze ginn, de Serge Tonnar, op d'mannst net deenen, déi dem Dicks seng Sprooch beherrschen oder sech eenegermoossen derfir interesséieren.

Architecte d'intérieur, styliste de mode et artiste plasticienne, Rasha n'a pas eu de problème à trouver sa place dans la scène culturelle. Son intégration rapide est due notamment à Patricia Lippert, peintre et personnalité haute en couleur.

L'artiste pluridisciplinaire a plus d'une corde à son arc. Toutefois, son domaine de prédilection est le *body-painting*. Ce qui peut étonner, c'est que cette discipline, qui consiste à créer des œuvres picturales éphémères sur le corps humain, est peu pratiquée au Grand-Duché.

On a dû constater, explique Fadi Al Abras, le mari de l'artiste qui l'assiste et la soutient dans ses activités, que parmi certaines personnes, le fait de travailler sur la peau nue franchit une ligne rouge. Or, ce n'est pas du tout l'intention, bien au contraire! C'est à la beauté

du corps humain qu'il est rendu hommage. Dès lors, Rasha a participé à des festivals à Paris et à Vienne. Détail amusant qui en dit long: la première fois, elle fut considérée comme une artiste syrienne; plus tard, elle y représentait bel et bien le Luxembourg!

Pour conclure, l'artiste arbore fièrement la couverture d'un livre dont elle a réalisé les illustrations. Il s'agit d'un roman intitulé «De Fuuss an de roude Léiw» (le renard et le lion rouge) par l'auteur Thierry Hirsch qui vient de paraître aux éditions Saint-Paul. S'il eût fallu une autre confirmation de son intégration réussie, la voici!

J'aime les nombreuses cultures qui se croisent ici, soutient-elle. Je me sens vraiment acceptée!

Pas moi! s'exclame Serge. C'est vrai, ironise-t-il face aux regards étonnés de ses interlocuteurs. Je ne suis pas le Luxembourgeois typique que l'on pourrait croire! déclare celui qui, à peine une semaine auparavant, avait fait vibrer la grande salle de la Philharmonie au son de ses chansons favorites interprétées, cela va de soi, dans sa langue natale.

Nul besoin de le présenter, Serge Tonnar, du moins pas à ceux qui maîtrisent la langue de Dicks ou s'y intéressent peu ou prou.

“ Mir gefällt et, dass sech hei souvill Kulture begéinen, stellt si fest. Ech fille mech wierklech acceptéiert!

J'aime les nombreuses cultures qui se croisent ici, soutient-elle.

Je me sens vraiment acceptée! ”



Déi Organisatioun allerdéngs, vun där hie Matbegrënner ass an déi sech «Mir wëllen iech ons Heemecht weisen» nennt, ass wäit manner bekannt.

Eist Zil ass net, an d'Medien ze kommen, erkläert de Museker, deen iwwregens och zu Miersch wunnt. D'Asbl, déi aus Benevollen besteet, léisst léiwer déi interkulturell Evenementer, déi si op d'Bee stellt, fir sech schwätzen. Begéinunge bannent a baussent de Foyere fir Refugiéee, tëscht der lokaler Bevëlkerung an deenen, déi nei hei sinn.

Wat kann ech als Kënschtler maachen? huet de Serge sech deemools, 2015, gefrot, wéi d'Zuel vun den Asyldemandeure besonnesch héich war. Wéi kann ech mäi Bäitrag zur Verbesserung vun där Situatioun leeschten, fir de Kulturschock ofzeschwächen?

Aus deenen lwwerleeungen eraus ass «Mir wëllen iech ons Heemecht weisen» gebuer ginn. Den Numm vum Projet ass Programm. Mat deem Saz – bekanntlech eng Zeil aus dem Lidd «De Feierwon» – , heesche mir déi Leit, déi vu wäit hierkommen, wëllkomm an erklären hinnen, wat mir ënnert eiser Heemecht verstinn. An natierlech geet et ëm ee géigesäitegt Kennelieren.

Am Ufank hunn dës Begéinungen haaptsächlech aus Concerte bestanen, déi eenheemesch Museker an de Foyere virun engem Publikum aus Refugiéeeën a Residente ginn hunn. Mee an Tëschenzäit huet de Begrëff Kultur méi eng breet Bedeutung kritt. Kulturell Ausflich a Konscht-Workshoppe koumen derbäi. Dobäi wäert et kaum ee verwonneren, dass grad déi interkulturell Kach-Workshoppen, bei deene Rezepten vun hei a vun do ausgetosch ginn, ee grouse Succès hunn, an zwar net nëmme bei de Gäscht!

“ Et geet net just drëm, de Refugiéeeën ze hëllefen, ënnersträicht de Serge. Et ass fir jiddweree wichteg, Kontakter hierzustellen an an d'Gespréich ze kommen. ”



Par contre, l'organisation dont il est le co-fondateur et qui s'appelle «Mir wëllen iech ons Heemecht weisen» est nettement moins connue.

Le but n'est pas de faire la une des médias, explique le musicien qui habite également à Mersch. En effet, l'asbl composée de bénévoles se tient elle-même à l'arrière-plan pour mettre en avant les événements interculturels qu'elle organise et qui favorisent des rencontres, à l'intérieur et à l'extérieur des centres d'accueil pour réfugiés, entre la population locale et les nouveaux arrivants.

Dans mon rôle d'artiste, se demanda Serge en cette année 2015 où le flux de demandeurs d'asile fut particulièrement important, que puis-je faire face à cette situation? Comment m'engager pour amortir le choc des cultures?

C'est de ces réflexions qu'est né «Mir wëllen iech ons Heemecht weisen». Le nom du projet, une citation extraite de la chanson patriotique du XIX^e siècle «de Feierwon», en trahit déjà le programme: souhaiter la bienvenue à ces gens venus de loin et leur présenter ce que nous entendons par «notre patrie». Bien entendu, le désir de faire connaissance est censé être réciproque.

Si au début, les rencontres consistaient essentiellement dans des concerts donnés par des musiciens du cru dans les structures d'accueil devant un public composé de réfugiés et de résidents, le mot culture a pris un sens plus large au fil du temps. Ainsi, des sorties culturelles et des ateliers artistiques ont enrichi l'offre. Finalement, ce qui n'étonnera personne, des ateliers de cuisine interculturelle, lors desquels on échange des recettes du terroir et d'ailleurs, connaissent un grand succès, et pas uniquement du côté des nouveaux arrivés!

“ Nous ne voulons pas juste aider les réfugiés, soutient Serge Tonnar. Etablir des contacts et favoriser les échanges, c'est dans l'intérêt de tout le monde. ”



Leit empfänken, déi bei eis kommen an hinnen d'Hand ze reechen, dat ass eng Flicht vun eiser Gesellschaft, fënnt d'Nathalie Simon.

Bei deene Refugiéeën, déi ech begéint hunn, ass de Wëllen do, sech z'integréieren, stellt si fest. Ee Problem ass awer, dass d'Leit an de Foyeren isoléiert sinn. Derbäi kënn, dass déi streng Sécherheetsvirkéierungen an eng schwiereg Kommunikatioun kënnen ofschrecken.

Trotz all deem huet d'Nathalie den Idealismus net verluer. D'Entscheidung, sech fir eng Verbesserung vun der Situatioun vun de Refugiéeën anzesetzen, kënn vun engem Schlüsselerlifnes bei der Zirkusschoul Zaltimbanq'. Bei enger Virféierung huet si am Sall ee klenge Jong aus enger Migrante-famill beobacht, dee vu Begeeschterung a Freed net konnt roueg sëtze bleiwen. De Wonsch, deene Kanner, vun deenen der vill Schrecklech es erlieft hunn, d'Liewe méi schéin ze maachen, huet si net méi lassgelooss.

A wat hält d'Rasha vun all deem? Et stellt sech eraus, dass si bis elo net bei den Evenementer vun der Asbl, vun där si just héieren hat, matgemaach huet. Eist Treffen am LEADER-Büro wär deemno sou eppes ewéi ee *Blind Date*. D'Kënschtlerin géif sech eng Freed draus maachen, un den Aktivitéite vun «Mir wëllen iech ons Heemecht weisen» deelzehuelen an hir Konscht ze weisen an z'erklären.

Dat ass dat, wat mir ëmmer wollte maachen: eis Kompetenzen an Talenter an den Déngscht vun der Saach stellen, mengt de Serge. Et sief dann, d'Fro vum Accueil vu Refugiéeë géif sech net méi stellen a géif domat eng Organisatioun ewéi déi heiten iwwerflësseg maachen. Dat wär den Idealfall.

Accueillir des gens qui arrivent chez nous et aller à leur rencontre – Nathalie Simon, considère qu'il s'agit là d'un devoir de la société luxembourgeoise.

De la part des réfugiés que j'ai rencontrés, la volonté d'intégration est là, constate-t-elle. Le problème, c'est l'isolement de la plupart des structures d'accueil. De plus, les dispositifs de sécurité excessifs et une communication insuffisante constituent un obstacle.

Nathalie, pour sa part, n'a rien perdu de son idéalisme. Sa décision de s'investir pour l'amélioration de la situation des réfugiés remonte à un moment-clé qu'elle a vécu au sein de l'école de cirque Zaltimbanq'. Lors d'une séance, elle observa dans l'assistance un petit garçon d'une famille d'immigrés, qui, de joie et d'enthousiasme, ne tenait plus sur son siège. Le désir de contribuer à rendre plus agréable la vie de ces enfants, dont certains ont vécus des horreurs qu'on a du mal à imaginer, ne l'a plus lâchée depuis.

Et Rasha dans tout cela? Il s'avère que jusqu'à présent, elle n'a jamais participé aux événements organisés par l'asbl., qu'elle ne connaissait que de nom. La rencontre au bureau LEADER serait donc une sorte de *blind date*. Quoi qu'il en soit, cela pourrait bien changer à l'avenir, car elle serait ravie de prendre part à des activités de «Mir wëllen iech ons Heemecht weisen» pour présenter et parler de son art.

Voilà qui correspond à notre idée de départ: mettre ses compétences et ses talents au service de la cause, conclut Serge. En attendant que la question de l'accueil des réfugiés ne se pose plus et qu'une organisation comme la nôtre n'ait plus de raison d'être, ce qui serait le cas idéal.





Eng Well vu Liewensfreed

Den MS-Day Center empfängt d’Kanner aus de Maisons Relais’en

D’Krankheet mat den dausend Gesichter - sou gëtt d’Multiple Sklerose, wéinst deene ville Symptomer, duerch déi si sech manifestéiert, nach genannt. Zu Lëtzebuerg sinn tëscht 600 an 1.000 Leit, haaptsächlech Fraen, vun dëser auto-immunitärer, bis haut onheelbarer Krankheet vum Nervesystem betraff.

Multiple Sclérose Lëtzebuerg (MSL) besteet aus betraffene Mënschen, hire Familljen a Sympathisanten. Si huet als Zil, d’Liewe vun deene Mënschen z’erliichteren an hir Interessen ze verrieden. Op hirem Aktivitéitsprogramm stinn ënnert anerem d’Publikatioun vun enger Zäitschrëft, dem MS KONTAKT souwéi Informatiounscampagnen an d’Organiséiere vun Treffen.

Ënnert der Responsabilitéit vun der MSL gëtt et an der Gemeng Helperknapp e Vakanzehaus an en Dageszenter. Zu Esch-Uelzecht gouf ee Wunngebai opgeriicht, fir deene Betraffenen een autonomt Liewen z’erméiglechen.

Un flot d’enfants dans un havre de paix

Le MS-Day Center accueille les maisons relais

La maladie aux mille visages – la sclérose en plaques (SEP) doit ce surnom peu rassurant à la multitude de symptômes par lesquels elle se manifeste. Au Luxembourg, entre 600 et 1.000 personnes, en grande majorité des femmes, sont atteintes de cette maladie auto-immunitaire du système nerveux, incurable à ce jour.

Multiple Sclérose Lëtzebuerg (MSL) se compose de personnes concernées, de leurs familles et de sympathisants. Elle a pour objectif d’améliorer et de faciliter la vie des personnes atteintes et de défendre leurs intérêts. Sur son programme d’activités figurent entre autres l’édition du bulletin MS KONTAKT, des campagnes d’information et l’organisation de rencontres.

Sous la responsabilité de MSL, se trouve un centre de jour et une maison de vacances située dans la commune Helperknapp; un bâtiment d’habitation, spécialement conçu pour permettre aux personnes atteintes une vie en autonomie, à Esch-sur-Alzette.

Fir hiren *MS-Day Center* hätt d'Veereenegung sech kee méi rouegen Eck kënnen eraussichen. *Um Bill* heescht den Uert matzen an der Natur, déi net wäit vu Béiwen-un-der-Attert läit. An och dat groust Gebai, ëmgi vun engem klengen Park, straalt Rou a Besënnlechkeet aus.

Déi grouss Banneraim, gläichens dem Buedem an ouni Träppleker, hu grouss Fënsteren, déi de Bléck fräiginn, wäit eraus bis op d'Éisleker Koppen. Dat ass Gold wäert, betount d'Nicole Kraus, Ergotherapeutin am *MS-Day Center*, wann ee bedenkt, dass et hei Leit gëtt, déi duerch d'Krankheet esou an hire Beweegungsméiglechkeeten ageschränkt sinn, dass si seelen eraus an d'Natur ginn.

Allerdéngs huet déi isoléiert Lag net nëmme Virdeeler, virun allem, wat dat besotent Organiséiere vun Treffen ubelaangt, gëtt d'Ergotherapeutin ze bedenken. Fir d'Leit heihinzebréngen an heemzeféieren, an och fir all Deplacementer am Laf vum Dag, gëtt ee Busservice gebraucht. All Ausfluch muss grëndlech virbereet ginn, ob dat ee Besuch an engem Musée oder eng Spadséierfaart iwwer Land ass.



***Vun Ufank u war
d'Begeeschterung fir de Projet
op deenen zwou Säite grouss.***

***Dès le début du projet,
l'enthousiasme était présent
des deux côtés.***

Le lieu que MSL a choisi pour son *MS-Day Center* ne pourrait se trouver plus au calme. Non seulement, la localité *Bill* se situe en pleine nature, près du village de Boevange-sur-Attert, mais le spacieux bâtiment, entouré d'un petit parc, respire lui-même le calme et invite à la contemplation.

À l'intérieur, accessible de plain-pied et sans marches, la vue qu'offrent les baies vitrées des vastes salles de séjour vers les hauteurs de l'Oesling sont à couper le souffle. Cela vaut son pesant d'or, remarque Nicole Kraus, ergothérapeute au *MS-Day Center*, si l'on considère que certaines

personnes, chez lesquelles la maladie affecte sévèrement la mobilité, ne font que rarement des sorties dans la nature.

Cependant, notamment pour ce qui est des rencontres, cette situation isolée ne présente pas que des avantages, poursuit-elle. Un service de bus est indispensable pour amener et reconduire les hôtes. Chaque sortie doit être soigneusement préparée, qu'il s'agisse de la visite d'un musée ou d'une excursion dans la région.

Pour remédier à ce problème, un maximum d'activités sont organisées sur place. C'est ainsi que, grâce au personnel qualifié et à la précieuse assistance de personnes bénévoles et avec les installations adéquates – fitness, activités de bricolage, jeux de société, yoga etc. – la monotonie, qui risquerait de peser sur le moral des usagers, peut être évitée.

La monotonie, ce n'est certainement pas ce qui règne lorsque les enfants des maisons relais de Tuntange et de Boevange rendent visite au *MS-Day Center*! Le temps d'une après-midi, une vague contagieuse de vitalité et de bonne humeur se répand dans les locaux et laisse après son passage un effet revigorant.

L'idée venant du personnel éducatif des maisons relais, avec l'appui de l'administration communale, les responsables du centre furent ravis de s'associer à l'initiative et d'accueillir dans leurs locaux les jeunes hôtes.

Bien sûr, explique Nicole Kraus, réunir des enfants et des personnes à mobilité réduite demande un certain effort de prévoyance et de planification. Le centre pouvant héberger un maximum de seize usagers dont l'âge varie actuellement de 37 à 81 ans, les jeunes invités, qui proviennent des quatre cycles de l'école fondamentale, sont au nombre de huit, accompagnés, cela va de soi, de personnel éducatif.

Fir deem Problem eppes entgéintzesetzen, ginn esou vill wéi méiglech Aktivitéiten op der Plaz duerchgefouert. Dee wäertvollen Asaz vu Benevollen aus der Asbl. grad ewéi een zerguttstert Equipement – fir Yoga, Fitness, Gesellschaftsspiller asw. – suergen derfir, dass keng Monotonie opkënnt, déi schlecht fir d'Moral vun de Leit wär.

Monotonie gött et ganz sécher keng, wann d'Kanner aus de Maisons Relais'en vun Tënten a Béiwen den MS-Day Center besiche kommen. Well da breet sech fir een Nomëtteg eng Well vu Liewensfreed a gudder Laun an de Raimlechkeeten aus, déi och nach no hirem Passage ee ganze Strapp ze spieren ass.

D'Iddi war vum Personal vun de Maisons Relais'en ausgaangen a gouf vun der Gemeng ënnerstëtzt. Déi Responsabel vum Center hu sech der Initiativ mat Begeeschterung ugeschloss, fir déi jonk Gäscht an hire Raimlechkeeten z'empfanen.

Natierlech ass eng gutt Portioun Viraussicht a Planifikatioun verlaangt, fir Kanner a Leit mat ageschränkter Mobilitéit

Grâce à un équipement de qualité, les possibilités pour passer le temps sont variées: ateliers de peinture et de céramique, cuisine, jeux ... encore faut-il que tout ce programme corresponde à l'idée de joindre l'énergie et la créativité des enfants aux facultés des usagers du centre. Pari réussi, constate l'ergothérapeute. Ainsi, pour carnaval, on prépara ensemble des pâtisseries traditionnelles; on visita en groupes restreints la ferme pédagogique *Bricher Pærdsställ*; et en été, invités à une fête de barbecue, les enfants offraient un spectacle de danse.

Dès le début du projet, l'enthousiasme était présent des deux côtés. Fidèles aux rendez-vous, avec la curiosité et la franchise qui les caractérisent, les jeunes visiteurs n'hésitent pas à s'intéresser et à poser leurs questions aux personnes qui les accueillent, et celles-ci continuent d'attendre avec une joie anticipée l'arrivée du bus pour assister, chacun selon ses moyens, avec plaisir aux différentes activités.

Entre janvier et juillet de cette année, les rencontres eurent lieu deux fois par mois. Depuis la rentrée, le projet est poursuivi,



zesummenzebréngen, erklärt Nicole Kraus. Den Center kann héchstens siechzëng Leit mateneen ophuelen. Momentant variéiert den Alter tëschent 37 an 81 Joer.

Déi jonk Gäscht kommen aus deene véier Cycle vun der Grondschoul a sinn zu aacht. Natierlech gi si vun Educateuren(tricen) begleet.

Wéinst deem gudden Equipement gëtt et vill Méiglechkeeten, fir Zäit zesummen ze verbréngen: Mol- a Keramikatelieren, Kachen, Spiller... mee hannert deem ganze Programm d'äerf d'Iddi net vergiess ginn, de Kanner hir Energie a Kreativitéit mat de Méiglechkeeten a Fäegkeete vun de Leit aus dem Center ze vereenegen. Déi Rechnung ass opgaangen, stellt d'Nicole Kraus fest. Fir d'Fuesent goufen zum Beispill zesumme Fueskichelcher gebak, a kleng Gruppe goufen d'Bricher Päerdsstall besicht, an am Summer hunn d'Kanner, déi op ee Grillfest invitéiert waren, een Danzspektakel zum Beschte ginn.

Vun Ufank u war d'Begeeschterung fir de Projet op deenen zwou Säite grouss. Pünktlech um Rendez-vous, mat hirer Virwëtzegkeet an Oppenheet, déi d'Kanner charakteriséiert hu si net gezéckt fir deene Leit, déi si hei empfänken, Froen ze stellen. An dës waarde bis haut mat Virfreed drop, wann d'Kanner op Besuch kommen, fir, jiddweree mat senger Méiglechkeeten, un den Aktivitéiten deelzehuelen.

Vu Januar bis Juli vun dësem Joer hunn déi Treffen zweemol am Mount stattfonnt. Zënter der Schoulreentrée gëtt de Projet weiderefouert, mee aus Organisatiounsgrënn gouf de Rhythmus op eemol am Mount reduzéiert.

Dass dës frësche Wand, deen d'Kanner matbréngen, de Leit aus dem MS-Day Center gutt deet, dat gesäit een un hiren zefriddene Gesichter.



mais, pour des raisons d'organisation, la fréquence a été réduite à un rythme mensuel.

Les bienfaits de cette bouffée d'air frais au sein du MS-Day Center sont incontestables, la preuve en est le sourire de ses usagers.





De Gaart vun de Begéinungen

De Projet Kalendula zu Stengefort

Ee Gaart, dat ass Aarbecht! Déijéineg ënnert eise Lieser, déi selwer Gréngs ronderëm d'Haus hunn an eventuell souguer hiert eegent Geméis zillen, wäerten do kaum widderspriechen.

Et ass Mëtt September, ee frëschen, sonnege Moien. Wat d'Gaardenaarbecht ugeet, eng éischter roueg Zäit – ee groussen Deel vum Ertrag ass erageholl, et bleiwen nach e puer Reie Kabes, Zalot, Blummen... An awer ass nawell Betrib am *Schoulgaart* zu Stengefort. Zu dräi sti mir direkt beim Agank um Kräsis Wee a mussen ëmmer erëm op d'Säit réckelen, fir de Mann mat der Schubkar oder mam Geschir laanschtzeloossen.

Meng Gesprächspartner, dat sinn zwee Vertrieder vum CIGL Stengefort, mat deenen ech mech iwwert de Projet Kalendula ënnerhalen. Froe brauch ech keng ze stellen. De Kris Kayser, chargé de direction, gëtt all d'Erklärung vum selwen, an de Guy Carl, technesche Coordinateur, kommentéiert an ergänzt se.

Le jardin des rencontres

Le projet Kalendula à Steinfort

Un jardin, c'est du travail! Pour ceux parmi nos lecteurs qui possèdent leur coin de terre à entretenir, sur lequel ils cultivent éventuellement leurs propres légumes, cette affirmation est une parfaite lapalissade.

Nous sommes à la mi-septembre, par une matinée fraîche et ensoleillée. Une période assez tranquille en termes de jardinage – une grande partie de la récolte est faite, il reste quelques rangées de choux, de salades, de fleurs... N'empêche qu'il règne un va-et-vient affairé dans le *Schoulgaart* (potager de l'école) à Steinfort. À trois, nous nous tenons près de l'entrée sur le sentier en gravier, toujours prêts à laisser passer l'homme à la brouette ou le porteur d'outils divers.

Mes interlocuteurs, deux représentants du CIGL Steinfort me parlent du projet Kalendula. Je n'ai pas besoin de poser de questions. Kris Kayser, chargé de direction, fournit toutes les explications qu'il faut, assisté par Guy Carl, coordinateur technique, qui commente et complète.

Kalendula, dat ass an engems pädagogesch a kreativ, intergenerationell an inklusiv, behaapte si. Ee solidaresche Gaart, an deem d'Kanner aus der Grondschoul an déi eeler Persounen aus dem spezialiséierten Dageszenter zesummekommen, fir ze gruewen, ze séinen, ze kappen, ze netzen asw., an dat alles op Initiativ vum CIGL a mat der Hëllef vun deene Leit op der Sich no enger Aarbecht, déi do ugestallt sinn.

Pädagogesch ass de Projet Kalendula ganz kloer, well et ass eng Plaz, wou jiddwereen eppes bäiléiert, a wou Ëmwelt, Nohaltegkeet a Biodiversitéit keng abstrakt Begrëffer sinn. Hei léiert een ze schätzen, wat de Buedem eis ze bidden huet an den natierleche Patrimoine ze respektéieren. Et léiert een och, een deem anere seng Ustregungen a Kenntnisser unzerkennen, an dat gëllt fir d'Ekipp vum CIGL, déi sech ëm den Ënnerhalt an d'Animatioun këmmert, grad esou wéi fir déi, déi de Programm ausgeschafft hunn oder d'Léierpersounen. Doriwwer eraus gëtt all Schouljoer ee bestëmmten Thema behandelt, wéi zum Beispill Uebst a Geméis am Laf vun de Saisonnen oder de Weltgaart.

Wat d'Kreativitéit ugeet, brauch een nëmme ronderëm sech ze kucken. Hannert der Schwemm an dem Weier, tëscht dem Schrëftzuch *Schoulgaart* a groussen hëlzene Buschtawen erstreckt sech een Terrain, dee virun net all ze laanger Zäit nach brooch louch an och elo nach no haarder Aarbecht ausgesäit, deen awer gläichzäiteg inspiréiert an zur Evasioun aluet. Mee souwisou ass d'Gaardenaarbecht dach ëmmer Kreatioun, oder?

Intergenerationell, hate mer gesot. Doru gëtt et keen Zweifel, well hei sinn all Generatiounen, vun der Kandheet bis an den héijen Alter, vertrauden – eppes, wat hautdesdaags net méi sou dacks virkënnt. Hei begéint ee sech, fir ze schaffen, mee virun allem fir ze poteren, fir Wëssen auszetauschen an Energie a Fäegkeeten ze deelen. Tëscht Al a Jonk spréngt de Fonken iwwer, an d'Ënnerscheeder sinn net am Wee.

Eemol am Mount gëtt déi ganz Gesellschaft sech Rendezvous, all Mënsch ass frou, sech erëmzugesinn a virwëtzeg, wéi d'Planze gedeien. Bei Verschiddene kënnt aalt Wëssen aus der Erënnerung erëm erop, anerer entdecken de Kontakt mat der Natur am Rhythmus vun der Joreszäiten, a fir nach anerer ass dat Gefill, gebraucht ze ginn an zu engem Ganzen ze gehéieren, dat Wichtigst.

Jiddwereen dréit säin Deel bäi. Domat wär dann och d'Fro vum inclusive Geescht vum Kalendula-Gaart beäntwert.



Kalendula, c'est éducatif et créatif, intergénérationnel et inclusif à la fois, soutiennent-ils. Un jardin solidaire, dans lequel se rencontrent les enfants de l'école fondamentale et les personnes âgées du Centre de jour spécialisé, pour y bêcher, semer, biner, arroser etc., le tout sur une initiative du CIGL et avec l'aide des demandeurs d'emploi qui y sont engagés.

Éducatif, le jardin Kalendula l'est certainement, puisqu'il s'agit d'un lieu d'apprentissage, où environnement, développement durable et biodiversité ne sont pas des mots abstraits. On y apprend à apprécier ce que nous offre la terre et à respecter le patrimoine naturel. On apprend aussi à estimer les efforts et les connaissances des uns et des autres, qu'il s'agisse de l'équipe du CIGL qui se charge de l'entretien et de l'animation, des concepteurs du programme éducatif ou des enseignants. De plus, pour chaque année scolaire, un thème spécifique est abordé, comme les fruits et légumes au fil des saisons ou encore le jardin du monde.

Pour ce qui est de la créativité, il suffit de jeter un coup d'œil autour de soi. Derrière la piscine et l'étang, entre l'écriteau *Schoulgaart*, composé d'énormes lettres en bois, s'étend un espace qui, après avoir été arraché à l'abandon, reflète le dur labeur de terrain, certes, mais qui en même temps inspire et invite à l'évasion. De toute façon, à y réfléchir, le jardinage, n'est-ce pas le travail de création par excellence?

Intergénérationnel, disions-nous. Il n'y a pas de doute, car – chose rare par les temps qui courent – tous les âges, de l'enfance à la vieillesse, sont représentés. On se réunit pour travailler, mais surtout pour s'échanger et partager ses connaissances, son énergie, son savoir-faire. De génération en génération, le courant passe, les différences ne sont pas des obstacles.

Une fois par mois, tout ce petit monde se donne rendez-vous, content de se revoir et curieux d'observer comment progresse leur semence. Certains se souviennent d'anciens savoirs enfouis dans leur mémoire, d'autres découvrent le contact avec la nature au rythme des saisons, pour d'autres encore, le sentiment de se rendre utile, de faire partie d'un tout est essentiel.

Chacun apporte sa pierre à l'édifice. Voilà qui répond finalement à la question du caractère inclusif du jardin Kalendula.



A wat geschitt mam Geméis, wann et zeideg ass? Majo, schliisslech gehéiert och d'Deelen zu deene Saachen, déi een hei léiert. Dofir kënn et mol vir, dass d'Kiche vun der Schoul muss duerhalen, fir Geméiszoppen, Zaloten an aner Delikatessen ze preparéieren. Well ëm Delikatessen handelt et sech, wann ee weess, dass een d'Friichte vun der Aarbecht, déi een zesummebruecht huet, um Teller leien huet.

“Do gëtt et Elteren, déi sech nëmme wonneren, laacht de Kris Kayser, dass hiert Kand, dat soss ee grouse Bou ëm alles mécht, wat ëm gesond virkënnt, sech op eemol an ee Frënd vu Geméis an Zalot verwandelt.”

Et ass kloer, dass esou een erfollegräiche Projet d'Opmierksamkeet verdéngt, grad sou gutt ënnert de Leit wéi bei de politesche Responsabelen. Mir verstinn eis gutt mat der Gemeng, stellt de Kris Kayser fest. Beim Gemengerot fanne mir ëmmer een oppent Ouer an Ënnerstëtzung, mee et ass un eis, hinnen Iddien ze liwweren.



Et la récolte, qu'en fait-on? Eh bien, comme le partage fait partie de l'expérience, il arrive qu'on squatte la cuisine scolaire pour préparer des soupes aux légumes, des salades et autres délicatesses. Il s'agit incontestablement de délicatesses, quand on sait qu'on a dans son assiette les fruits d'un travail effectué ensemble.

“Il y a des parents d'élèves, s'amuse Kris Kayser, qui n'en reviennent pas que leur petit, d'habitude réticent à toute nourriture qu'il soupçonne d'être saine, se transforme en amateur de légumes et de salades.”

Il est clair qu'un projet qui connaît un tel succès mérite l'attention du public et des responsables politiques. Nous avons une bonne relation avec la commune, constate Kris Kayser. Le conseil communal est à notre écoute et nous soutient quand il peut, mais c'est à nous de proposer des idées.

Les idées, ce n'est pas ce qui manque, intervient Guy Carl. Grâce à des mouvements comme ceux de l'agriculture solidaire et des jardins communautaires, cultiver ses propres fruits et légumes est revenu à la mode. Pourquoi ne pas surfer sur cette vague?

Dans cette optique, une extension du projet Kalendula est à envisager. Malheureusement, un agrandissement significatif du jardin n'est pas vraiment une option, compte tenu des dimensions limitées du terrain. Déjà, pénurie d'habitations oblige, les nouvelles constructions se rapprochent dangereusement. Mais un autre site pourrait se trouver, et puis les écoles des communes avoisinantes sont cordialement invitées à venir s'inspirer de l'exemple Kalendula, qui, de cette façon, pourrait prendre des dimensions régionales.

Ceci dit, une autre initiative, toujours du domaine du jardinage, est déjà en train de prendre forme non loin du *Schoulgaard*. Mes deux interlocuteurs m'emmènent vers un terrain situé en plein centre de Steinfort, derrière l'église, que l'équipe du CIGL a défriché récemment. Un potager vient d'être aménagé, cette fois-ci, moins à des fins éducatives, mais plutôt pour y produire des fruits et légumes destinés à la vente.

Défricher, aménager, cultiver etc., tout cela correspond aux objectifs et aux compétences du CIGL, constate Guy Carl, puisque plusieurs métiers y interviennent.

En tant que chargé de direction, Kris Kayser insiste sur le maître-mot de l'inclusion sociale. Il ne suffit pas d'occuper les demandeurs d'emploi en leur octroyant des tâches diverses,



Un Iddie feelt et och net, mengt de Guy Carl. Duerch esou Beweegunge wéi solidaresch Landwirtschaft a Gemeinschaftsgäert ass et ewell modern ginn, säin eegent Uebst a Geméis ze zillen. Firwat net vun där Moudewell profitéieren?

Aus där Siicht läit eng Erweiterung vum Projet Kalendula op der Hand. Leider kann de Gaart net vill méi grouss gemaach ginn, et ass einfach net méi Plaz do. D'Wunnengsnout huet mat sech bruecht, dass iwwehall ronderëm nei Gebaier aus dem Buedem wuessen an ëmmer méi no réckelen. Mee vläicht léisst sech een anere Site fannen, an ausserdeem sinn d'Schoulen aus den Nopeschgemengen häerzlech invitéiert, sech um Projet z'inspiréieren an op déi Manéier doraus eng regional Ugeleeënheet ze maachen.

Net wäit vum *Schoulgaart* ewech ass awer doriwwer eraus nach eng aner Initiativ an deem Genre am Gaang z'entstoën. Meng zwéi Gesprächspartner huele mech mat op een Terrain matzen am Zentrum vu Stengefort, hannert der Kierch, deen d'Ekipp vum CIGL viru kuerzem an d'Rei gesat huet. Et handelt sech ëm ee Geméisgaart, deen dës Kéier awer manner pädagogesch ausgeriicht ass, mee éischer fir Uebst a Geméis ze zillen, dat fir de Verkauf bestëmmt ass.

An d'Rei setzen, gestalten, ënnerhalen asw., dat alles entsprécht den Ziler an de Kompetenze vum CIGL, erkläert de Guy Carl. Hei komme ganz verschidde Beruffer an d'Spill.

Als chargé de direction läit dem Kris Kayser de Prinzip vun der sozialer Inclusioun um Häerz. Et geet net duer, deene Leit, déi op der Sich no Aarbecht sinn, verschidde Beschäftegungen ze ginn, erzielt hien. Mir hunn et dacks mat Mënschen ze dinn, déi schwierig Situatiounen erlieft hunn an déi sech schwéier dinn, de Wee an d'Beruffswelt erëm ze fannen. Eis ass et grad esou wichtig, hinnen ze hëllefen, d'Konditiounen z'erfëllen, déi eng reegelméisseg Aarbecht mat sech bréngt, wéi Pénktelechheet oder d'Anhale vu Reegelen.

D'Solidarwirtschaft, déi der lokaler a regionaler Nofro gerecht gëtt, entsprécht ganz kloer deenen Ufuerderungen. Si erméiglecht de Beschäftegte vum CIGL och de Kontakt an den Ëmgang mat Leit vun all Alter an aus alle gesellschaftleche Kreesser. Dat ass gutt fir d'Selbstvertrauen, dat engem allze dacks feelt, wann ee sech a sou enger Lag befënnt.

Zënter senger Grënnung am Joer 2000 schafft de CIGL Stengefort am Beräich vun der Erëmaféierung an d'Aarbechtswelt, engagéiert sech fir een Ëmfeld, dat d'Schafen an d'Erhale vun Aarbechtsplaze férdert souwéi fir d'Entwécklung vun neien Aktivitéitssecteuren. De Projet Kalendula ass representativ fir dës Philosophie. A wann ee Gaart Aarbecht bedeit, da si si déi lescht, déi sech doriwwer géife beschwéieren.

explique-t-il. Nous avons souvent affaire à des personnes qui ont vécu des situations difficiles et qui ont du mal à réintégrer le monde professionnel. Leur aider à remplir les conditions que requiert un travail régulier, comme la ponctualité ou le respect de règles liées à leur poste, cela fait également partie de nos préoccupations.

